European Parliament
Fernand Kartheiser MEP
Willy Brandt 05M071, European Parliament
Rue Wiertz 60, 1047 Brussels, Belgium

Bréissel, den 1. Juni 2026

**Oppene Bréif**

un déi Damme Martine KEMP, Tilly METZ an Isabel WISELER, un déi Häre Marc ANGEL a Charles GOERENS

Betrëfft: Zesumme fir Lëtzebuergesch am Europäesche Parlament

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen,

wéi Dir wësst, engagéieren ech mech elo schonn zënter bal zwee Joer fir eng Opwäertung vun der Lëtzebuerger Sprooch am Europäesche Parlament (EP). Zu deem Zweck hunn ech eng Rei vu schrëftleche Propositioune gemaach. Zu Ärer Informatioun hänken ech dësem Schreiwes meng rezentst Virschléi un d'Verfassungskommissioun vum EP mat un.

Zu menger Freed huet d'Madamm Metz dëser Deeg e Post op Instagram publizéiert, an deem si – esou gesäit et emol aus – bedauert, datt hir parlamentaresch Frënn hir Usiichten ni op Lëtzebuergesch ze héiere kréien. Ënnert hirem Bild, dat si selwer mat engem trauregen Ausdrock weist, steet den Text: *„me because my MEP friends will never hear my political views in Luxmbourgish"*. Den Här Angel huet dorop reagéiert a geschriwwen „I hear YOU".

Deen Zoustand kann een natierlech änneren. Ech proposéieren Iech, datt mir als Lëtzebuerger Europadeputéiert zesummen eng Initiativ fir eis Sprooch huelen an e Bréif an deem Sënn un d'Presidentin vum EP, d'Madamm Roberta Metsola, schreiwen. Gär kënne mir och e Bréif an deem Sënn un d'Lëtzebuerger Regierung adresséieren.

Ech mengen, datt et héich Zäit gëtt, datt och eis eege Sprooch endlech méi Unerkennung kritt. Si a mir hätten et verdéngt!

Ech freeë mech op Är hoffentlech positiv Äntwerten!

Mat frëndleche Gréiss,

Fernand Kartheiser